

# Fir meng Mamm

(aus engem laange Bréif)

Et muss géint sechs Auer gewiescht sinn... Ech hu gewänzelt am Bett well ech déi Angewandte net bekäppt hunn. De Papp hat mer se nach owes erkläert, ma si goug nawell net eran. D'ganz Nuecht hunn ech getiermt wéinst där houere Recheprüfung; gläich no der Mass hu mer se: *Ein Motorrad und ein Lastwagen fahren von Echternach nach Luxemburg. Das Motorrad legt die Strecke in 45 Minuten zurück, der Lastwagen braucht 1 Stunde und 10 Minuten. Nach wieviel Kilometern hat das Motorrad den Lastwagen eingeholt, wenn letzterer 15 Minuten vor dem Motorrad gestartet ist, und wenn die Strecke 50 Kilometer beträgt?*

Ech hu gemengt, d'Schléck wéi ze kréien. Hat ech de Mond net dréchen, d'Hänn äiskal an d'Stir huet geglost? Da war bestëmmt eng Angine fälleg, an ech konnt op kee Fall an d'Schoul goen.

Op eemol e Kaméidi an der Trap. De Papp kënn eropgedesch... an är Kummer eran, ausser Otem: "D'Preise sinn do!"

A scho stinn ech heemlech bei der Fënster, d'Stir widdert d'Glas gedréckt: Eng sëlliche Motocyclette komme vun Heeschdref eropgerannt; gringelzeggro Zaldoten, schro Schnësser, déck Brëller ënnert groussen Helmer, d'Flënte queesch iwwert de Réck mam Laf no ënnen. E Stëbs an der Strooss, ech ka knapps Gonnesche Misch erkennen, wéi deen aus der Scheierpaart geschlach kënn a stoe bleift wéi e Stack.

Kee seet e Wuert. All kucke se de Preisen no wéi wann et Geeschter wieren...

Hannert de Motoren, eng Iddi méi lues, kënn eng Rëtsch Camionen. Da war donidden zu Heeschdref sécher d'Plaz, wou d'Motorrieder d'Camionen erëmkruten? A wéi wäit ass Heeschdref vun lechternach ewech? Mä déi do komme vu vill méi wäit wéi vun lechternach. Esou uersch wéi s'ausgesinn, kommen déi do vum Enn vun der Welt...

Op der Kéier bei der Post ass allerlee lass. D'Rëll erof, laanscht de Kierfecht, d'Kierch, laanscht Mees op d'Bréck zou, kënn ee Gefier nom aner: glunge Schlitter mat hanne schwéiere Ketten drop, hallef Camion, hallef Tank. Déi maachen en onheemleche Kaméidi, bal wéi deen décke Bagger, deen d'Uelzech botze kënn; déi hei sinn awer vill méi gewierweg. Mat Straiss si se gerëscht, an d'Zaldoten hannendrop hunn och gring Pitsch op de Schackoe stiechen. Et kënn ee mengen, si géifen den 1. Mee feieren... mat enger Grëtz Verspëtung. Sinn se frou? Da's net richtig ze gesinn: d'Gesichter hu se schwaarz beschmiert, wéi dem Kariger säi Kueleschëppert.

"Si musse sech tarnen", seet de Postperzepter zum Fakter, dem Fonck. "Geschwë sinn d'Fransousen do mat de Fliger: da kriie se der laanscht d'Panz, déi houere Preisen."

"Schwätzt net esou haart!" pëspert de Brëifdréier.

"Säckdréier! Den halwe Gringewald hu se geplëmmt!"

"Ech muss de Courier sënneren, Chef: de Fons ass krank." De Fakter dréit dem Perzepter de Réck a geet séier eriwwer an d'Post.

"Fäertaasch!" grommelt de Perzepter.

Déi aner Sait op der Kierchentrap steet de Schoulmeeschter mam Paschtouer ze didegen. Allebéid schneiden s'eng verdrësslech. De Paschtouer ass nach am Surplis. Ee Gefier nom aner rabbelt laanscht, kee Sputt. Ech kéim mol net eriwwer an d'Schoul, wann ech wéilt. An d'Mass ass souwisou aus.

E ganzen Trapp Leit steet ewell do z'afen. Am Konsum um Eck geet et an an aus wéi an engem Beiestack. D'Frae schleefen déck Posche voll eraus.

Tëscht zwee Camionen mat Kanounen hannendru gespaant kënn de Rosch iwwert d'Strooss geschoss. Op een Hoer wier hien ënnert eng Kanoun geroden. Hie kritt eng fatzeg gedickst vun engem Preiss, deen d'Kolonn dirigiert an d'Leit ewech hält vun der Strooss.

"t ass keng Schoul!", jäizt hie voller Freed an huet scho vergiess, datt hien elo just eng giedelech erwëscht huet.

Vrun der Bréck fiert eng Rëtsch Camionen erof an de Bongert. Mir lafe séier dohi kucke wat lass ass. Et gesäit aus wéi wa s'am Bongert wéilte campéieren. Déi aner Sait vun der Bréck, an der schaarfer Kéier, riichten dräi Zaldote schëtzege e grousegt Maschinengewier op, véier Kanounleef d'Luucht aus gedréit. Bauesch Mätti seet, dat wier eng Flak: géint d'Fliger, seet hien. Da wäerten elo d'Fransousen ënnerwee sinn.

Eng Patull Zaldote kënn op d'Leit duer a schéckt se heem: "Gefährlich hier: ab, marsch!"

Ech kréien et mat der Angscht ze don a lafe fort. De Rosch léisst sech nach fléiwen: dee fäert der Däiwel net. Hie geet e Stéckelchen, bleift stoen, kuckt, geet, bleift stoen; de Virwëtz ass ze staark.

Bei äis an der Strooss ass et elo roueg. Mä d'Gedäisch an d'Gebromms vun deene laange Kolonnen d'Rëll erof, dat héiere mer bis hannenaus an d'Kichen. Heiansdo zidderen esouguer d'Rauten an de Fënsteren.

D'Schléckwéi ass mer vergaang. Keng Schoul! Dat hunn ech de Preisen ze verdanken. An ech lesel gi mech kristillechen mat där topeger Angewandter!

D'Haaptstrooss ass verstoppt mat elauter Preisen. De Papp fiert mam Vëlo duerch d'Krommlängten op d'Schaff. Ech sëtzen um Gepäckdréier. Bei der Kierch léisst de Papp mech erof. De Bongert beim Waasser ass geraumt. Keng Flak méi ze gesinn.

An der Nuecht ass et roueg. Géint de Muere knuppt et. Siwemol. Siwe Lächer hu se gewullt, d'franséisch Bommen. Siwen Triichter hu se gebuert an de Bongert, genee duer wou d'Preise campéiert haten. Nëmme just datt déi schonn e Strapp iwwert de Bierg waren. D'Äppelbeem, voll an der Bléi mä béis zerzauselt, strecken d'Äscht d'Luucht aus, wéi wa se wéilte kapituléieren.

Awer sonndes, den 10. September 1944, huet d'Dikrecherstrooss geliicht a gelaacht an deene routwäissbloe Faarwen, déi äis esou frësch geschingt, esou nei an esou heemleg.

A grad esou nei an awer schonn heemleg kommen déi éischt amerikanesch Zaldote genëschelt laanscht d'Tramsschinne geschlach,

duerch de Summerwee, iwwert den Trottoir, op hire Gummissuelen: esou lues an esou lücht, scho bal wéi op Schlappen. Am Ouer hu mer nach ëmmer déi klakeg preisesch Stiwewelen, an elo op eemol trëppelen déi kakis Yankien duerch d'Strooss, laachen a knätschen, de Schacko schif an der Akaul a labber am Grapp eng Flënt esou schmank, du kéins mengen si wieren um Wee fir op d'Kiermes a si géingen hirer Flämmchen eng Blimmche schéissen.

An de Wisen laanscht de Griiswee, déisäit der Uelzech, läit eng Hällewull Amerikaner. Panzer mat laange Kanounen drop, stuppeger a klenger, Tankse mat an ouni Ketten, flappeg Camionen an dertëscht butzeg Gefierer ouni Daach an ouni Glace: déi ditzen, juppelen a klun-schen duerch déi kauleg Wisen, vijenzeng an hannerzeg; Jeepe sinn dat. Meeschters Offizéier hänken dodran, déi schlaakseg Been iwwert de Capot gestreckt: un engem schmuele sëlwerege Blech um Schacko erkennt een se, um Kolli; un de bronge Stiwewelen, gestréckt bis un d'Wued. All schnëssen se duerjerneen, déi Déck an déi Kleng, déi Schwaarz an däi Wäiss. Brong verbrannt si se dacks. Si knätschen a weisen hir schluetwäiss Zänn. Si patschen Chesterfield, Camel a Luckystrike. Läffelen, picken a schluppen aus ronnen, ovalen an héige Béchsen allerlee Fleesch, Fësch a Gesëffs. Stieche schluetwäiss Brout ënnerdaach, deele Schokela aus, Kéiken, Kamellen a Knätsch. A scho koppele mer mat hinnen. Ergremmt si s'op preisesch Spéngelen, déi grouss Kanner vun déisäit dem Pull. Mir kromen eist schappet Englesch zesummen, aus eisen Tiräng Männercher vum preisesche Winterhilfswerk, Fënnestücker mam Charlotte vu virum Krich, a kommen heem d'Täsche voller Séissegkeeten, lücht dronke vun deem ganze Spëtakel, vun där éischer parfümierter Zigerett.

Pol Greisch

(aus: FIR MENG MAMM, Editions des Cahiers Luxembourgeois, Nic Weber, éditeur)

